

och ëmmer méi Gemengen, concernéiert si bei dësem Sujet an eng Responsabilitéit hunn, fir méi nohaltég Produiten an de Kantinen ze verwenden. Wann ech richteg informéiert sinn: Um Niveau vun de Schoulkantine sinn d'lescht Joer ronn 945.000 Menuen zerwéiert ginn, an déi lescht zwee Joer iwwer zwou Milliounen zousätzlech Produiten, wéi Sandwichen an esou weider, och ugebuede ginn.

Meng Fro dréint sech awer net ëm déi Qualitéit, déi direkt mam Aspekt vun der Noutwendegkeet vun enger équilibréierter respektiv ofwiesslungsräicher Nutritioun respektiv der Hygiène ze dinn huet, well do am Prinzip relativ vill passéiert. Mir geet et a menger Interventioun drëm, fir ze froen, ob et net sënnavoll wier, verstärkt Liewensmëttel an de Schoulkantinen - an natierlech doriwwer eraus - unzebidden an ze promouvéieren, déi nohaltég produzéiert ginn. D'Marchés-publics-Gesetz gétt bekanntlech d'Méiglechkeet, fir den Aspekter vun Ekologie a Promotioun vun nohalteger Entwécklung Rechnung ze droen.

An hirem Avis op eng Proposition de loi vum Nico Loes a mir selwer virun dräi Joer respektiv véier Joer hat d'Regierung och d'Wichtigkeet vu Qualitéitsproduiten aus eisem Land - d'Produits du terroir, Regionalprodukter, biologesch Produiten, awer och fair gehandelt Produiten - fir d'öffentlech Restauratioun ganz daitlech ënnerstrach.

An dëser Proposition de loi goufen nieft der Traçabilitéit an der Qualitéit eben och d'Ekologie an de Prinzip vun der Nohaltegkeet ënnerstrach, an eben och ee wichtege Prinzip, dee vun de kuerze Weeër, deen a villen europäesche Regione propagéiert gétt. Dat heescht, lessen aus der Regioun fir d'Regioun. Am Géigesaz zu deem berühmte Joghurt, dee méi wéi 9.000 Kilometer hanneru sech huet, wann en op den Dësch kënnt; wann d'Mëllech aus dem Allgäu kënnt, d'Äerdbier aus Polen an d'Bakterien aus Schleswig-Holstein an esou weider.

Ech hu mer soe gelooss, datt de Moment an der Moyenne fir e Mëttegiessen dräi Euro op de Kapp fir Lycéeskantine virgesi sinn. Hei hunn natierlech ekologesch konzipéiert Produitéit kaum eng Chance. Et wier sécher awer och kontraproduktiv, virun allem vis-à-vis vun deene jonke Leit, d'Präisser fir d'Mëttegiessen an de Kantinen ze vill an d'Luucht ze schrauwen.

D'Fro stellt sech duerfir, ob et net sënnavoll wier, wann déi öffentlech Hand sech méi staark géif investéieren a sech vis-à-vis vun deene Méikäschten, déi nohaltég lesswuere mat sech bréngen, géif engagéieren. Eng Partie Gemenge gi mam gudden Beispill vir, fir an hire Kantinen - besonnesch an de Maisons relais, där ëmmer erëm baimkommen - Projeten ze maachen, wou se genau dat dote maachen, wou si dann déi Méikäschten droe vu regional respektiv biologesch produzéierte Produiten, och fair gehandelte Produiten.

Et gétt och ee Projet am Osten, dee „Lecker“ heescht, am Miseler Land mat verschiddene Gemengen zesummen, mam Ökozenter; a wéi gesot, eng ganz Partie Gemengen, wou ech elo keng Nimm nennen.

Ech mengen, datt esou eng Virgoensweis ee ganz, ganz wichtegt Signal wier fir eis Baueren; besonnesch well dëse Sujet jo elo eng ganz besonnesch Aktualitéit krut. Et geet nämlech net fir d'lescht och ëm d'Erhale vun eise Bauerebetriber virun eiser eegener Hausdier. An ech erënneren un dee Bréif, deen de Chamberspresident krut vun der Luxlait dee leschte 6. Juni, wou et ëm eis Solidaritéit mat enger nationaler Molkerei geet, wou dorunner appelléiert gétt, datt hir Produiten an deene staatleche Kantine Verwendung fannen, och wa se méi deier sinn, wéi eventuell déi aus dem Ausland.

Här President, et geet deemno och drëm, fir eise Baueren e faire Präis fir hir Produiten ze bezuelen; besonnesch deene Baueren, déi sech ganz vill Méi ginn, fir zu Lëtzebuerg héichwäerteg Liewensmëttel ze produzéieren, awer virun allem och déi, déi zukunftsfaeg, nohaltég schaffen a Produiten aus regionalem an ekologeschem Ubau produzéieren.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Schank. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi Suergen, déi den honorabelen Här Schank hei virgedroen huet, dat sinn och déi vun der Regierung. Mir hätte gär, dass an eise Schoulkantine solle gesond Produiten offréiert ginn, wa méiglech biologesch, dass se solle vum Terroir sinn. Dann awer nach een Element: Mir hunn och an eis Cahiers des charges geschriwwen, dass sollen Transfair-Produiten offréiert ginn. Dat ass natierlech eng Contradictioun mat de Produits du terroir, well déi kommen normalerweis vu méi wäit hier.

Dir wësst, dass ongeféier d'Halschent vun de Restaurants scolaires en régie directe vum Ministère geféiert ginn. Do sinn d'Instruktiounen ganz genee. Mir hunn nëmme Fournisseurs, also vun deene mer d'Saache kafen, déi hei zu Lëtzebuerg installéiert sinn. Do sinn och d'Instruktiounen fir Produits du terroir; also alles, wat den Här Schank opgezielt huet.

An deem Zesummenhang wollt ech och hei soen, dass an eise Restaurants scolaires nëmme Joghurten a Mëllech vu Lëtzebuerger Fournisseurs - ech gebrauchen d'Mehrzahl, ech weess zwar net firwat - consomméiert ginn.

Da gétt déi zweet Halschent vun de Restaurants ausgeschriwwen. Do si Cahier-de-charges. An deene Cahiers des charges steet och dran, dass 3% musse Produits biologiques an x% Transfert sinn, an dass dat een Element ass wann herno den Zouschlag geschitt. Well ee wichtege Kritär ass jo awer och nach ëmmer de Präis. Ech wollt och soen, dass de Stat selbstverständlech e groussen Deel vun de Käschten iwwerhëlt.

Fir Är Informatioun: Am Joer 2007 haten d'Restaurants scolaires allegueren zu Lëtzebuerg, déi vum Ministère de l'Éducation nationale ofhänken, also sougutt déi en régie directe wéi en régie non directe geféiert ginn, Recettë vun 1.783.000 Euro an Dépensë vun 3.720.000. Dat heescht, de Stat leet méi wéi d'Halschent bäi, bei deene Präisser, déi bezuelt gi vun de Schüler an de Restaurants scolaires.

Merci, Här President.

2. 5696 - Projet de loi portant: 1. promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes, 2. sur le droit d'emphytéose et le droit de superficie, 3. modification a) de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs; b) de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 sur l'impôt foncier; c) de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement; d) de la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall»; e) de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation; f) de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain; g) de la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil (suite)

» **M. le Président.**- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zur Ofstëmmung vum Projet de loi iwwert de Pacte logement.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5696 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen, bei 21 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes

Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Lucien Thiel), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5779 iwwert déi wirtschaftlech...

» **Une voix.**- D'Motioun feelt nach.

» **M. le Président.**- Ah, Pardon.

(Interruption)

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun 1 vum honorabelen Här Berger.

Ass de Vote électronique verlaangt?

» **Une voix.**- Wat seet d'Regierung dozou?

(Interruption)

» **M. le Président.**- Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Da stëmme mer per Vote électronique of.

Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 15 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Mir kommen elo bei d'Motioun 2.

Motion 2

Ass bei der Motioun 2 vun der Madame Spautz de Vote électronique verlaangt?

(Négation)

Da stëmme mer per Hand of.

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech gesinn, dass eng grouss Majoritéit fir déi Motioun ass.

(Interruption)

Jo. Dat spillt allerdéngs keng Roll, well d'Motioun ass mat grousser Majoritéit ugeholl.

(Hilarité)

Mir kommen elo zum nächste Projet de loi, dat ass deen iwwert déi wirtschaftlech Entwécklung vu verschidde Géigende vum Land. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Sauber, d'Madame Flesch, den Här Bodry, den Här Kox an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro.

3. 5779 - Projet de loi ayant pour objet: 1) le développement économique de certaines régions du pays; 2) la modification - de la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques, 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie; - de la loi du 22 février 2004 instaurant un régime d'aide à la protection de l'environnement, à l'utilisation rationnelle de l'énergie et à la production d'énergie de sources renouvelables

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi aner entwéckelt Industrielänner och, si mer zënter de 70er Joren an enger Phas vun Desindustrialiséierung, an déi huet vill Formen. Dat si Betribsschléisungen, Reduzéierungen oder awer och Delokaliséierungen, strukturell bedéngt, konjunkturrell bedéngt, an duerfir géif et vill aner Beispiller ginn. Dovunner ass eist Land net gläichméisseg beträff gewiescht, mä eenzel Regione ganz besonnesch. An do virun allem natierlech de Süde mat senger Eisen- a Stolindustrie. Mä och aner Industrië wéi den Textil, d'Lieder sinn dovu beträff gewiescht, an domat natierlech och aner Uertschaften a Regioneen.

Ech wollt dozou e puer Bemierkunge maachen, net en historesche Réckbléck, mä zur Erënnerung soen, dass déi wirtschaftlech Diversifikationspolitik net en Zoufallsresultat ass, mä d'Resultat vu politeschem Wëllen, vu politeschen Initiativen a vun deem richteg gesetzleche Kader, mä och vun Initiativen, déi domat provoziert gi bei Investisseuren oder bei bestehende Betriber. Och d'Gewerkschaften spillen an där Diskussioun keng onbedeutend Roll.

Déi dramatesch Ëmstrukturéierung vun der Stolindustrie an der Vergaangenheet an haut dach modernst an zukunftsächteg Stolstanduerter souwéi vill Aktivitéiten am Perimeter vun där Stolindustrie, vun deem Weltkonzern weisen, dass et weidergeet. Mä erënnere wéilt ech och un d'Grënnung vun der Goodyear uganks de 50er Joren, un DuPont de Nemours an de 60er Joren, d'Ufank an d'Enn vu Monsanto an de 70er Joren, mä och aner Dosende vu Betribssgrënnungen, mä och Betribsschléissunge vun Enn de 70er Joren un, an dat aus deene verschiddensten Ursachen.

Wichtig an där ganzer Entwécklung - ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck - sinn déi wirtschaftlech Kadergesetzter, déi et zu Lëtzebuerg zënter 1962 gétt. Mä wichtig Impulser sinn och ausgaange vun der nationaler Tripartite a provoziert gouf, an an der Stoltripartite ganz schwéiere Wäert drop geluecht ginn ass, dass déi Frichen, déi géifen entstoën, misste genotzt ginn, och fir industriell an aner Aktivitéiten.

Zu deenen Impulser an zu där Entwécklung a Realitéit gehéiert mat Sécherheet och d'Gesetz vum 2. August 1977 iwwert

Hëllefé constatéiert, an dat erëm eng Kéier verbonne mat alle Konsequenzen.

Ech hu gesot, dass d’Kommissioun selwer vill zur Verspéidung bäigedroen huet a mir hei an dësem Land gewaart hunn, bis eben d’Lignes directrices - an dat war am Mäerz oder Abrëll d’lescht Joer - um Dësch louchen, fir déi legislativ Aarbecht unze-fänken. Dat, wat gemaach ginn ass a wat hei zur Debatt steet am neie Gesetz, dat ass vun der Kommissioun grondsätzlech akzep-téiert, do bleiwe just nach Einzelheeten.

Da bleift nach den Deel vum Gesetz vun 2004 iwwert d’erneierbar Energien, wou muss total légiféréiert ginn, an do huet d’Kommissioun an de leschte Wochen Dosende vu Froen un de Ministère, un d’Regierung geschéckt, fir Äntwerten ze kréien. Dir gesitt also, et ass komplizéiert. Mir sinn zum Deel an engem loftleere Raum.

De Stat kann an däréf also de Moment keng staatlech Hëllef an Beräich vun Energie an Émweltberäich ginn, bis den definitive Sege vu Bréissel kënn’t a bis et definitiv gekläert ass. Esou vill zur Komplexitéit vun der Matière a vun de permanenten Éraus-fuerderunge fir eist Land.

Elo muss ee soen, dass dee Projet de loi vun haut en Deel vun engem gesamten Netzwierk vu Gesetzter ass, déi zum Deel nach musse geschriwwe ginn, déi a Vir-bereedung sinn an déi rapid ëmzetsetze sinn. An nach eng Kéier wëll ech ënner-sträichen, dass de Spillraum, deem d’Re-gierung hei hat, vun der Regierung net nëmmen estridden, mä och voll ausgenotzt ginn ass. Et muss een ëmmer erëm soen, dass mir permanent sous haute surveillance vun der Kommissioun vu Bréissel stinn.

Mä et soll een et duerfir awer net verpassen, fir dem Minister a senge Mataarbechter Merci ze soen an eis Unerkennung aus-zedrénke fir déi gutt Viraarbecht, déi se gelescht hunn, a fir dat, wat dobäi eraus-komm ass.

» **M. le Président.** - Här Castegnaro, Dir stitt och ënner haute surveillance vun der Présidence.

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Ech hunn dat gespuert kom-men, Här President, ech sinn an de lesch-ten Zich.

Ech wëll just drop hiweisen, dass et bei der Prozedur, déi d’Gesetz duerchlaaf huet, net vill Spezielles dozou ze soe gëtt. De Projet ass de 19. September zesumme mat enger Rei Annexë vum Wirtschaftsministère hei déposéiert ginn. Den Avis vun der Chambre de Commerce ass e Mount méi spéit komm. De Statsrot huet seng Stellungnahm am Mäerz 2008 ofgi mat fënnef Oppositions formelles, mat deene mer awer eens gi sinn. An ech wëll alle Kolleeginnen a Kollegen aus der Kommissioun en décke Merci soe fir déi gutt Mataarbecht, an och all deenen, déi an iergendenger Form matgeschafft hunn.

D’Urgence hunn ech e puermol hei ervir-gestrach. Dat aalt Gesetz ass den 31. Dezember ausgelaf. Mir stinn an där Si-tuatioun wou mer stinn a mir wëssen, dass mer d’Wirtschaftsförderung a Bähëllefé brauchen, fir Aarbechtsplazen ze halen an neier ze schafen.

Duerfir ass dat hei e Projet, deem important ass, net nëmme fir déi wirtschaftlech, mä och fir déi sozial Entwécklung. Dee Projet hei ass och e wichtegt Stéck Beschäf-tigungspolitik, well mer jo net nëmmen a Maschinnen a Betriber investéieren, mä och a Mënschen, an duerfir gëtt et jo e ganze Pak vu Schoul- a Beruffsausbildungs-reformen. Dat ass e Ganzt.

Ech géif mer erlaben, am Numm vun der LSAP ze soen, dass mer dee Projet stëmme kënnen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rap-porteur. Eischte Riedner ass den honora-belen Här Sauber. Här Sauber, wann ech gelift.

Discussion générale

» **M. Marcel Sauber (CSV).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, mir

d’Schafung vun der SNCI, der nationaler Investitiouns- a Kreditgesellschaft. Eng Tripartite-Institutioun, wou ech hei an dësem héijjen Haus d’Bedeitung net besonnesch brauch ervirzesträichen.

Déi wirtschaftlech Entwécklung vun de leschte Jorzéngte kann een och an Zuelen ausdrécken, an dat wëll ech mat zwee Beispiller maachen.

Den Undeel vun der Industrie um PIB, um Produit interne brut, war 1970 53,2%, dovun eleng d’Sidérurgie bal 28%. 2006 waren dat nach 14,6%, dovun nëmme méi 2,5% Sidérurgie.

Den Undeel vun der Industrie um Emploi war 1970 ronn 50% oder 68.000 Salariéen. 2006 sinn dat nëmme méi 20,8% oder 66.000 Salariéen op insgesamt 318.000 Salariéen.

Dir gesitt also, déi Entwécklung kann een a villen Hiiichten duerstellen.

Mä sécher ass, fir déi wirtschaftlech a sozial Réckschléi, déi mat der Schléissung vu Betriber, besonnesch grouse Betriber verbonne sinn, opzefänken, mä awer och fir strukturschwaach Regiounen wirtschaftlech ze entwéckelen an Aarbechtsplazen do ze schafen oder ze erhalen, do wou se be-sonnesch rar sinn, hat sech Lëtzebuerg - wéi ech gesot hunn - en éischt Kadergesetz ginn, an zwar 1962, fir ebe kënnen an eenzel Regiounen vum Land eng spezifesch an eng geziilt wirtschaftlech Förderung ze maachen.

Deemools war et net d’Stolindustrie, déi zrëckgeschrauft huet, mä war et einfach d’Suerg ëm d’wirtschaftlech an d’industriell Diversifikatioun an eise Land. Mä derbäi kënn’t, an dat muss een ënnersträichen, well et bedeiend ass, d’Tatsaach, dass Lëtze-buerg jo Member an der EU ass an domat och Member vum europäesche Banne-maart, an d’Bréisseler Kommissioun op-grond vun den Traitéen derfir ze suergen huet, dass d’Memberlänner sech net mat ze vill generéise Bähëllefé géigesäiteg deloyal Konkurrenz maachen. D’EU soll derfir suergen, dass iwwerall an Europa gläich Wettbewerbsbedéngunge fir d’Betriber bestinn a setzt duerfir streng Regeln an der Bähëllefspolitik.

Dat sinn déi zwee géigesäiteg Interessen, Bähëllefeng/gläich Bedéngungen, déi am Projet iwwert den Développement écono-mique de certaines régions du pays, iwwert dee mer haut diskutéieren, wéi dat scho bei de Virgängergesetzer de Fall war, hu missen ënner een Hutt bruecht ginn.

Et muss een awer wëssen - ech wëll dat ervirsträichen -, dass, wann et no der Euro-päescher Kommissioun gaange wier, Lëtze-buerg no Enn vun der Förderperiod 2000 bis 2006 eigentlech fir déi Period, déi vun 2007 bis 2013 geet, net méi hätt dierfe regional Hëllefeng accordéieren. Esou war et op jidde Fall an enger Kommunikatioun vun der Kommissioun am Februar 2005 vir-gesinn.

Nodeems eis Regierung zesumme mat fënnef anere concernéierte Länner zu Bréissel intervenéiert hat, huet d’Kommis-sioun am August 2005 eng iwwerschaffte Versioun vun hire Richtlinne presentéiert, déi et och eis erëm erlaabt, a bestëmmte Regiounen staatlech Bähëllefeng un d’Be-triiber auszebezuelen.

Déi nei Propositione vun der Kommissioun hunn deemools folgend Kritäre virgesinn:

Éischtens däerfen déi Regiounen, déi vun den Hëllefé kënnen profitéieren, just nach 16% vun eiser Populatioun ëmfaassen, géintiwuer 32% an der vieregter Period. Den Taux de couverture gëtt also glat halbéiert. Bei enger Gesamtpopulatioun vun dee-mools ronn 450.000 Awunner heescht dat, dass déi Géigende vum Land, déi mir kënnen förderen, zesummen net méi wéi 72.000 Awunner däerfen hunn.

Zweetens müssen déi Regiounen, déi mir fördere wëllen, homogen an zesammen-hängend Ensemblë bilden.

An drëttens muss all Regioun e Minimum vun 20.000 Awunner zielen.

Nodeems de Wirtschaftsminister nach eng Kéier mat der Kommissioun noverhandelt hat, krut Lëtzebuerg nach zwou Deroga-tiounen zougestanen: Éischtens muss elo all eenzel Regioun just e Minimum vun 10.000 Awunner hunn, a mir kruten zweetens eng Transitiousphas vun zwee Joer, vun 2007 bis 2008 accordéiert, wou déi gefördert Regiounen am Total bis zu 21,1% vun der Populatioun, dat heescht bis zu 96.000 Awunner kënnen zielen, statt déi 72.000 respektiv 16%. Dir héiert schonn un den Datumer, dass do e Problem besteet, deen och mat der Retroaktivitéit, déi net gestatt ass, enk zesummenhänkt.

Nieft dëse Konditiounen sinn déi éligibel Ge-mengen opgrond vun zwee weideren Indi-

cateuren zrëckbehale ginn: Éischtens, de Chômage-Taux, dee 15% iwwert der natio-naler Moyenne muss leien, an zweetens müssen Industriezonen oder Frichen um Territoire vun der Gemeng leien.

Wat bedeit dat dann elo konkret? Wéi eng Regiounen, wéi eng Gemenge sinn dann an der lafender Förderperiod eigentlech nach éligibel? Opgrond vu Simulatiounen, déi gemaach gi sinn, huet d’Regierung véier Regiounen proposéiert, déi wéi follegt zou-geschnidde sinn.

Dir hutt iwwregens en Tableau mat der Carte des aides régionales an Äre Sitzungs-dokumente an dat ass och a mengem schrëftleche Rapport nach eng Kéier repro-duzéiert.

Déi Regiounen sinn d’Regioun Norden, mat de Gemenge Clief, Wëntger, Eschweiler a Wolz; d’Regioun Oste mat de Gemengen Lechternach, Mompech, Rouspert a Mäertert; d’Regioun Süd-Osten, déi eleng aus der Stad Diddeleng besteet; an d’Regioun Süd-Weste mat Déifferdeng a Suessem. Zu dëser Regioun zielen an der Iwwergangsphas 2007-2008 och nach d’Gemenge Péiteng a Käerjeng dozou.

De But vun der Regierung war also, fir am Respekt vun den europäesche Virgaben déi Kombinatioun vu Gemengen ze fannen, wou een déi meescht industriell a ge-werblech notzbar Fläche géif an d’Kaart mat erakréien, mä awer och regional aus-geglaach tëschent Norden, Süden an Osten, an och Gemengen ze cibléieren, wou de Chômage däitlech iwwert der nationaler Moyenne läit.

Här President, Kolleeginnen a Kollegen, ech mengen, dass dat mat dëser Kaart, wéi se jo schlussendlech och vun der Euro-päescher Kommissioun approvuiert ginn ass, exemplaresch gelongen ass. Esou vill zum géographesche Volet vum Projet.

Mä wat sinn dann elo d’Instrumenter, déi dat neit Gesetz virgesäit, fir regional Wirt-schaftspolitik ze bedriewen?

1) Subventions en capital. Déi waren och schonn am Gesetz vun 2000 virgesinn a sinn dat mat Ofstand am meeschte ge-notztent Instrument.

2) D’Zënsbonifikatioun ass also erëm - Bestanddeel vum Instrumentarium, nodeems se am Gesetz vun 2000 net méi zrëckbehale gi war.

3) Den Dégrevement fiscal partiel, also d’Méiglechkeet, fir en Deel vum Benefiss vun den Akommes- a Kollektivitéitssteieren ze befreien.

4) Et gëtt e ganz neit Instrument agefouert, an zwar fir kleng, jonk Entreprises. Fir d’Krea-tioun vun den neien Entreprisë ganz beson-nesch ze förderen, kënnen si an Zukunft net nëmmen d’Kapitalhëllefé kréien, mä och Bähëllefé fir bestëmmten Zorte vu Fonction-nementskäschten. Dat kënnen zum Beispill Käschte si fir juristesesch, wirtschaftlech oder fiskalesch Berodung, administrativ Fraisen an esou virun. Alles dat, wat an engem di-rekten Zesummenhang mat der Grënnung vun enger Entreprise steet. Hei geet et ëm de Startup vu jonken a vu klengen Entreprises. Ech mengen, dat wier eng zousätzlech Attraktivitéit, déi geschafe ginn ass an déi och Ausléiser kéint si fir zousätzlech Betribs-grënnungen an dësem Land.

5) Schlussendlech setzt dat neit Gesetz och de Kader fir Bähëllefé bei de souge-nanntene Grands projets d’investissement. Dat si Projete mat engem Invest vu méi wéi 50 Milliounen Euro.

D’Chambre de Commerce weist an hirem Avis ganz zu Recht drop hin, dass d’Gesetz sech doduerch auszeechent, dass net nëmme materiell Investitiounen gefördert kënnen ginn, mä och déi immateriell, esou zum Beispill Breveten a Lizenzen.

Dat ass e wichtege Aspekt, well eng modern Economie ass op d’Notzung vu Wëssen an Know-how genausou ugewisen, wéi op Maschinnen an Aarbechtskraaft.

E Saz nach zu der Förderungsintensitéit. Als relativ räicht Land, esou gesäit d’Kom-missioun et och, däréf zu Lëtzebuerg d’In-tensitéit vun de Bähëllefeng, definéiert als «équivalent-subvention brut», ESB genannt, den Taux vun 10% vum Bruttoinvest am Prinzip net iwwerschreiden.

Eng Ausnahm gëtt awer gemaach fir Mëttel-betriber, wou den Taux 20% bedroen däréf, oder fir déi kleng Betriber, wou e souguer 30% erreeche kann. An der Praxis wäert sech also erausstellen, wéi vill Betriber tatsächlech bei deem ënneschten Taux vun 10% bleiwe müssen, a wéi vill Betriber de Supplément vun 10% respektiv 20% wäerte kréien. Fir déi ganz grouss Investissementer gëllen nach eng Kéier aner Regeln.

Wat déi speziell Bähëllefé fir déi jonk, kleng Entreprises ugeet, läit de maximalen Taux

do bei 25% an deenen éischten dräi Joer a bei 15% an deenen zwee folgende Joren.

Ausserdeem gesäit d’Gesetz Regelunge géint de Cumul a fir d’Restitutioun vir, am Fall wou sech géif erausstellen, dass d’Bähëllefeng zu Onrecht ausbezuelt gi sinn. An deem Fall kënnen administrativ Sank-tiounen ergraff ginn an am Fall vu Bedruch natierlech och pénal Sanktiounen.

Domat kommen ech bei de budgetären Impakt vum Gesetzesprojet. D’Auteurs bleiwen do ganz vag a verweisen drop, dass et wéinst der Verännerung vun enger Rei vu Parameter - Taux de couverture, intensité de l’aide an esou virun - ganz schwiereg ass, zouverlāsseg Aussoen iwwert de Käschtepunkt vum neie Gesetz ze maachen.

Trotzdeem ginn d’Auteurs vun deem Gesetz dovun aus, dass duerch dee méi restriktive Kader de Montant vun den Aiden an der lafender Period ofhëlt, besonnesch vis-à-vis vun der Period 2000 bis 2006, an dat entsprécht iwwregens dann och der Logik vun der Bréisseler Kommissioun.

Et verwonnert dann awer net, dass de Stats-rot grad dorop gepocht huet an dass et se stéiert, dass et keng Fiche financière en bonne et en due forme gëtt an dass et just e puer méi oder manner Explikatiounen iwwert de méigleche finanziellen Impakt gëtt.

Dozou soll ee soen, dass de Budget 2007 eng Véierelsmillioun virgesinn huet - mä duerch d’Retroaktivitéit ginn déi net gebraucht - an de Budget 2008 eng Millioun Euro virgesäit fir déi lafend Förderungs-period.

Gläichzäiteg ginn awer fir d’Engagementer aus der Vergaangenheet, also vun 2000 bis 2006, nach eng Kéier sechs Milliounen am Budget 2007 ageschriwwe, an 2008 waren dat ëmmer nach 5,5 Milliounen.

Fir komplett ze sinn, sief och nach drop higewisen, dass d’Regierung de Projet de loi dozou genotzt huet, fir e puer legislativ Ännerungen ze maachen, déi net an di-rektem Zesummenhang mat der regionaler Bähëllefepolitik stinn.

Esou gëtt vun der Geleeënheet profitéiert, fir e puer Parzellen an den Industriezone Schéleck a Wolser um Territoire vun der Beetebuurger Gemeng ze verkafen oder fir aner Zwecker wéi ursprénglech virgesi fräi ze maachen, well se sech net méi fir indus-triell Notzungen eegnen.

Mä ausserdeem gëtt och mat dësem Gesetz am Gesetz vum 22. Februar 2004 iwwert d’erneierbar Energien de Champ d’application erweidert. Et soll net nëmmen d’Produktioun vu Stroum aus erneierbar Ressourcen, mä och d’Produktioun vun aneren Energien, zum Beispill Wäermt, wäert kënnen mat staatleche Subside ge-fördert ginn. Am selwechten Otemzuch gëtt och de Procédé vun der Biometthanisatioun als erneierbar Energiesource unerkannt.

Dass mir dat Gesetz haut musse stëmmen, ass kloer. Duerfir si mer hei. Duerfir dis-kutéiere mer driwwer. Mä och duerfir well mer a Verzuch sinn, mä a Verzuch och duer-fir, well d’Europäesch Kommissioun ganz laang gebraucht huet, fir eng nei Ligne directrice op de Wee ze ginn, sou dass et fir de Ministère, fir d’Regierung schwiereg war, Viraarbecht ze leeschten, well d’Kom-missioun mat kriteschen Aen dat alles suivéiert an nëmme Vetorechter huet, wou se an alle Fäll dat lescht Wuert huet, wa se d’Gefill huet, e Land géif ze wäit goen.

Do kënn’t dann och d’Problematik vun der Retroaktivitéit derbäi, déi ech ugeschwat hunn. D’Kommissioun verbitt an dësem Fall d’Retroaktivitéit, obwuol se jo selwer zum Deel schëlleg ass un der Verspéidung. Dat zitt natierlech eng Schwierigkeet no sech bei der Uwendung. Sech driwwer ewech-setzen, wier natierlech e risege Risiko, ëmsou méi, well ee weess, dass d’Kom-missioun permanent mam Damokles-schwäert iwwer eise Käpp ass an ëmmer dat lescht Wuert huet.

D’Lëtzebuurger Gesetz ass eng Saach an eng Noutwendegkeet, dat ass kloer, mä nach eng Kéier, fir et ze soen, d’EU-Direk-tiven, d’EU-Reglementer an an dëser Matière d’Lignes directrices, dat ass nach eng aner Welt an dat ass dann do, wou d’lescht Instanz zu Bréissel ass, wou si d’Kompetenz am Endeffekt hunn.

Dat ass en Dilemma, an deem mer dach awer stiechen, well mer aus deem neie Gesetz, wann et da votéiert ass, eben net zum Beispill déi Startup-Bestëmmungen, déi mer aféieren, retroaktiv kënnen uwenden, den Artikel 10, a well mer och wat déi Verännerungen ugeet, an iwwerhaupt d’Gesetz iwwert d’erneierbar Energië vum 22. Februar net kënnen uwenden, mam Risiko, dass d’Kommissioun eis illegal

setzen haut de Gesetzesprojet ëm iwwert déi Moosnamen, déi an der Zukunft gëlle solle fir déi wirtschaftlech Entwécklung a verschiddene Regiounen vum Land, also e regionaalt Promotiounsgesetz fir d'Wirtschaft. Dat viregt Gesetz ass schonn eng Zäit ofgelaf a soll erneiert ginn.

Et ass dëst net déi eenzeg öffentlech Interventioun vum Gesetzgeber a vun den öffentleche Finanzen, déi sech betriebsfördernd op d'Wirtschaft auswirkt. Et gëtt an der Zwëschenzäit eng Rei vun Instrumenter, duerch déi de Stat orientéiert d'Wirtschaft ënnerstëtze kann, zum Beispill:

- déi jeeweileg Loi-cadre fir d'Industrie a fir d'Classes moyennes;

- d'SNCI mat hire verschiddene verbëllegte Crédits d'équipement a Prêts à moyen terme;

- d'Gesetz vun 2004, wat finanziell Hëllef fir d'Protektioun vun der Natur, d'rationell Utilisation vun der Energie an d'Produktioun vun Energie aus erneierbare Quelle virgesäit;

- an da gëtt et nach eng ganz Rei vu spezifesch an geziilten anere wirtschafts- a betriebsfördernden Ënnerstëtzen.

Dës Moosname wierke sech positiv op d'Betriber aus, an dës Moosname fänne sech noutgedrongen och am Statsbudget erëm. Et gëtt een och munch Interessantes gewuer, wann een déi verschidden Aktivitéitsrapporte vum Wirtschaftsministère, vum Mëttelstandsministère an och vun der SNCI liest. Et ass interessant an instruktiv, wann ee sech d'Envergue vun dësen Ënnerstëtzen emol op d'Long zitt an doriwwer nodenkt. D'Transferten un d'Wirtschaft loosse sech schonns weisen, ob dat elo vum Stat ass oder awer och vun de Gemengen, duerch d'Industriezonen oder d'Zones d'activité.

Verschiddentlech gëtt dann och d'Fro opgeworf, wéi öffentlech Ënnerstëtzen un d'Betriber mat enger liberal orientéierter Wirtschaft iwwerhaapt kompatibel sinn. Handelt et sech hei ëm Krätsche fir ugeschloen Betriber, déi an enger neoliberaler, kapitalistescher orientéierter, globaliséierter Wirtschaft aus Grënn, déi verschiddener Natur kënnen sinn, sech net méi esou richteg erëmfannen?

Verschiddentlech gëtt de Subventiounssystem dann och a Fro gestallt oder et gëtt och emol behaupt, datt wéineger Besteuerung vun de Betriber méi brénge géif wéi all Subventiounspolitik. Dat maach och stëmme fir bestehend Betriber, ass awer zweifellos net richteg fir jonk Betriber oder nei Betriber. Deene neie Betriber bréngt dës Formel allerdéngs net dat, wat den „premier établissement“ haut an och an dësem Gesetz matbréngt.

Ouni elo an eng reng philosophesche Diskussioun iwwert dës Themen eranzurutschen, wëll ech hei ganz programmatesch a realistesch feststellen, datt säit de 50er Joren hei am Land lues a lues eng ganz geziilt Promotiounspolitik fir d'Betriber opgebaut a realiséiert gouf.

Eng Politik, déi engersäits alle Betriber zeguttkënnt - ech denken u Steiervergëschtingungen oder Tarifenkungen -, anerersäits eng Ënnerstëtzungspolitik, déi awer net mat der Stränz iwwert d'Betriber alleguer fiert. Eng Politik, déi also selektiv a geziilt virgeet. Eng Politik, déi och der Grëssenuerdnung vun de Betriber Rechnung dréit, Industriebetriber oder Mëttelstandsbetriber.

Eng Politik, déi voluntaristesche a strukturéiert ass an déi souwuel der Promotioun vun de Betriber wéi och der Diversifikatioun vun der Wirtschaft an dem regionale Charakter versicht Rechnung ze droen. Eng Politik, déi sech als Objektiv setzt, laangfristeg d'wirtschaftlech Croissance ze errechen an ze konsolidéieren an e regionaalt Gläichgewicht beschtméiglech unzestriewen.

Eng Politik, déi net eleng d'Wirtschaft viséiert, mä eng Politik, déi duerch eng geziilt Förderng vun den Investitiounen, duerch Moderniséierung an och Diversifizierung als Endzil d'Konsolidatioun vun den Aarbechtsplazen, den Ausbau vun der Beschäftigung, sécher an anstänneg bezuelten Aarbechtsplazen, zousätzlech

Aarbechtsplazen, Aarbechtsplaze fir jiddereen huet.

D'Promotiounspolitik fir d'Wirtschaft ass erwisenermoosse wichteg an huet sech bewäert. Si dierf awer och kee Selbstzweck sinn oder ginn. Hiren Objektiv muss sech och am Sozialberäich erëmfannen, an den Aarbechtsplazen, an der Sozialpolitik, ënner hire verschiddene Facetten. Zu enger esou ausgeriichter Wirtschaft- a Sozialpolitik gehéiert och eng deementspriedend ausgeriichte Steuerpolitik, déi souwuel d'Betriebsförderung wéi d'Sozialkomponent am A behält.

Dir Dammen an Dir Hären, esou versti mer an der CSV eng zukunftsorientéiert sozialpolitesch Maartwirtschaft. Eng Politik, déi permanent ugepasst muss ginn un dat rapid wiesselnd internationalt Ëmfeld. Eng Promotiounspolitik fir Betriber, déi och dem Charakter vun deene verschiddene Kategorien vu Betriber Rechnung dréit. Ech denken hei besonnesch un d'PME, déi sech deels an dësem Gesetz an deels an der Loi-cadre des Classes moyennes erëmfannen, fir déi jo de Mëttelstandsminister zoustänneg ass.

An deenen zwee Gesetzter kënn dem Premier Établissement eng besonnesch Opmierksamkeet zou, wat och gutt a wichteg ass. An deem ganze Kontext vu Wirtschaft a Sozialpolitik - an dat net, fir d'Saach méi komplizéiert ze maachen, mä fir geziilt a rapid op besonnesch Situatiounen reagéieren ze kënnen - spillt dann zousätzlech de Comité de coordination tripartite mat verantwortungsbewusste Sozialpartner eng wichteg Roll.

Wa mir hei am Land vläicht allgemeng bei internationale Moosse vum Wuelstand gutt ofschneiden, da schéngt mer dat net zulescht och de Mérite ze si vun deene Fiedemzéier, déi déi beschriwwen Zesammenhäng mat Zäite richteg erkannt hunn, wat och emol mat Krämp verbonne war, wat net ëmmer esou einfach war; an ech weess, vu wat ech schwätzen.

D'Zifferematerial iwwert d'öffentlech Förderng vun de Betriber an d'Praxis um Terrain beleeeën, datt mir am Verglach zum Ausland vill gemaach hunn an och gutt gemaach hunn. Et ass bestëmmt net weinst eise schéinen Aen, woufir d'Betriber op Lëtzebuerg gelackelt konnte ginn an nach ginn. D'Lëtzeburger Politik an d'Politiker hunn ebe méi séier, méi onkomplizéiert, méi effikass, méi villsäitig an och besser operéiert wéi d'Ausland. Eng ganz Rei vu Betriber - auslännesche Betriber - koumen op Lëtzebuerg a kommen och nach.

Vläicht Klammer op: Ech kann nëmme schmunzelen, wa sech hei am Land opgereegt gëtt, wann e Betrib iergendwou an d'Ausland geet a sech do emol opschléit. „Outsourcing“ gëtt dat genannt. Wat hu mir dann anescht gemaach, wa mer auslännesche Betriber op Lëtzebuerg gelackelt hunn? Klammer zou.

Net nëmme vis-à-vis vun den auslännesche Betriber, mä och vis-à-vis vun de Lëtzeburger Betriber kënnen mir nawell séier a gutt reagéieren. An ech schwätzen aus eegener Erfahrung aus mengem fréiere Beruff als Direkter vun der Fédération des Artisans.

A mengem Beruff vun haut - Wirtschaftsberater -, Här Minister, hat ech elo kuerz och eng ganz positiv Experienz. An Zäit vun zwee Méint konnt ech mat zwee Lëtzeburger Klengbetriber an enger Zone d'activité, wou Äre Ministère och mat zoustänneg ass, e Kontrakt fir een Terrain an eng Hal fannen an ofschléissen. Ee Merci un Äre dichte Mataarbechter.

Dir Dammen an Dir Hären, mat der Zäit hu Wirtschaftsförderungsprogrammer aus deene verschiddene Länner - déi aner hu jo och net geschlof - zu engem regelrechte Konkurrenzkampf geféiert, wann et drëm gaangen ass, déi nei Betriber aus dem Ausland unzezielen. Datt esou eng Politik net onbedéngt verdréiglech ass mam Artikel 87 an deenen hannendru vun der Europäescher Communautéit, läit op der Hand. D'Konkurrenz kann heideruech tëschent de Betriber an den europäesche Länner verfälscht ginn.

D'Kommissioun vu Bréissel ass dann och aktiv ginn an huet verschidde Moosnamen geholl, fir an communautaire Raum eng gewëssen Uerdnung, eng gewëssen Harmoniséierung vun deenen nationale Förderungsprogrammer anzeféieren; op jidde Fall emol déi Maximalhëllef, déi e Betrib ka kréien, vun uewen erof ze diktéieren.

Regional Aktivitéiten a sozial Kritäre koumen derbäi, esou datt de Lëtzeburger Gesetzgeber sech elo un eng Rei vun europäesche Bestëmmungen hale muss. Wat d'regional Hëllef ubelaangt, handelt et sech hei ëm

den Artikel 87 a suivant am Traité, d'Reglement 1628 vun 2006 vun der Kommissioun, an dann, wéi gesot, déi berühmte Richtlinien, déi am „Journal officiel“ de 4. März 2006 publizéiert gi sinn; d'Lignes directrices.

Dës virgeschéckte Kader gëllt fir d'Period 2007 bis 2013. Verschidde Souplesse konnte lëtzebuergersäits mat der Kommissioun ausgehandelt ginn. Esou konnt dee virleiende Gesetzesprojet, dee konform ass zu deenen europäesche Richtlinien, dach an enger ganzer Rei vu Saachen de spezifesch Lëtzeburger Charakteristike Rechnung droen.

De Frënd an honorabelen Här John Castegnaro huet a sengem gutt strukturéierten an detailléierten schrëftlechen a mëndlechen Rapport, fir deen ech hien hei begléckwünschen, déi wichteg Einzelheeten aus dem Projet résuméiert. Ech wëll dat elo net nach eng kéier maachen.

Ofgesinn dovun, datt d'Land agedeeelt gëtt a verschidde Regiounen, an deenen eng Rei vu Gemengen zréckbehale ginn - aner net -, ofgesinn dovun, datt an der Regel den Niveau vun den Hëllef plafonéiert ass op 10%, ass besonnesch ze begreissen, datt fir Betriber, déi der Definitioun vum Mëttelbetrieb entsprechen, de Subventionssaz vun 10% ëm 10%-Punkten eropgesat ka ginn an datt fir déi kleng Betriber dës Majoratiounen souguer 20%-Punkten ausmaachen. Dat heescht 30% dann.

Domat gëtt ënnerstrach, datt grad deene Kleng- a Mëttelbetriber och besonnesch gehollef soll ginn. Et sinn dëst déi Betriber, déi engersäits duerch hir beschränkten Dimensionen net déi Méiglechkeet hunn, wéi dat de Fall ass bei Groussbetriber, an déi dann anerersäits awer unerkannterweis déi meeschten Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg an och am Ausland schafen.

D'Kleng- a Mëttelbetriber sinn nun eemol keng Schwaachstell vun enger Wirtschaft, mä hir Stärkt. Wann ech bedenken, wéi vill Méi et kascht huet, wéi laang et gedauert huet, bis an de Chefetage vun Europa an och hei am Land dës Erkenntnis sech duerchgesat huet an och deementspriedend politesch reagéiert gouf, da muss ech feststellen, datt déi Méi sech schlussendlech dach gelount huet an datt eng modern Wirtschaftspolitik nun emol dem wichtege Facteur vu Kleng- a Mëttelbetriber an deem richtege Mooss Rechnung droe muss.

Haut menge Verschiddener - vläicht heibanen -, dat wär jo ëmmer esou gewiescht. Deene géif ech un d'Häerz leeën, déi méi lénksorientéiert Press an haaptsächlech d'Gewerkschaftspress aus de 50er an de 60er Joren emol nozeliesen.

» Une voix.- Soziale Fortschrëtt; jo!

» M. Marcel Sauber (CSV).- Klassekampf-Parolë waren à l'ordre du jour a Kleng- a Mëttelbetriber waren deemools als kapitalisteschen Auswuchs verpönt.

(Interruption)

Elo si mer méi fei ginn a mir hunn d'Realitéit richteg erkannt. An haut dréit de Gewerkschaftsboss vu gëschter mat vill Engagement d'regional Förderngspolitik fir d'Wirtschaft vu muer vir.

(Interruption)

» Plusieurs voix.- Aaahhh!

» M. Marcel Sauber (CSV).- Dat ass beileiwe kee Reproche. Dat ass eng Feststellung an dat ass och de Lëtzeburger Modell. Ech fannen, datt dat och gutt esou ass.

(Interruption)

Mä zréck zum Projet. D'Chambre de Commerce betruecht déi eenzel Dispositiounen an de Projet am Ganzen als ganz positiv. Och si hält fest, datt d'Lëtzeburger Autoritéiten déi enk Marge de manœuvre vun de fixéierte Richtlinne maximal ausgeschöpft hunn.

Och wann dës Lignes directrices sech als Zil gesat hunn, d'regional Hëllef erofzesetzen, erlaabt de Projet awer e bessere Ciblage vun dësen Hëllef. Also: engersäits global gesi manner Ënnerstëtzen, anerersäits awer besser cibléiert Hëllef, dëst souwuel fir déi Kleng- a Mëttelbetriber aus deene verschiddene Regiounen, awer och e verbesserten Encadrement fir grouss Investissementsprojeten. Och zousätzlech Neierungen am Sënn vu Verbesserunge vun viregte Gesetz sinn zréckbehale ginn.

An Zukunft gëtt och dat, wat een am Fachjargon den „Actif incorporel“ nennt, an och d'Frais de premier établissement zum Invest zougerechent. D'Bonification d'intérêts an

den Dégrevement fiscal partiel si berücksichtigt. An de Coût opérationnel fir déi nei Betriber, dat heescht dann déi Frais juridiques, administratifs an esou virun, fanne sech elo och am Invest zréck.

Alles an allem deementspriedend e gutt Gesetz a vläicht dat beschtméiglech ënnert deenen Ëmstänn, déi nun emol virgi gi sinn. Et geet elo drëm, et esou an der Praxis ëmzesetzen, wéi et um Pabeier geduecht ass. Mat deem Wonsch bréngen ech och heimat dann d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. Marcel Sauber (CSV).- Vläicht nach eng zousätzlech Fro un de Minister. Ech hunn an den Documents parlementaires keen Avis vun der Chambre des Métiers fonnt. War dës Berufskummer vläicht net gefrot ginn? Sollt dat de Fall sinn, dann ass et bedauerlech, well hir Kleng- a Mëttelbetriber falen och ënnert dëst Gesetz. Ech wëll dann awer och drun erënneren, datt bei deene Reglementer iwwert déi Kleng- a Mëttelbetriber, déi jo nach vläicht komme sollen, sous peine d'annulation vum Règlement d'Avisé vun deenen zoustänneg Berufskummere musse gefrot ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Sauber. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Colette Flesch.

» Mme Colette Flesch (DP).- Merci, Här President. Léif Kollegen a Kolleginnen, wéi ee vu menge Kollegen an der Fraktioun gesot huet, wa mer virun zéng, 15, 20 Joer iwwert deen heite Projet geschwat hätten, da wär et eng Marathondebatt ginn. Entre-temps ass dat hei e bëssen an den üblechen Arsenal vu Bähëllefeg agefügt ginn, an ech mengen, et kann ee sech vläicht méi kuerzfaassen.

Ech wëll dat och maachen an ech wëll och net op eventuell Rekonversiounen vu Gewerkschaftssekretären agoen, mä éischer op d'Rekonversioun vu Frichen a vun Zonen, déi musse rekonvertéiert ginn.

Här President, et handelt sech hei ëm e Projet de loi, deen eng gewëssen Urgence huet, vu dass de Régime d'aide, dee vum 2000er Gesetz agefouert gouf, schonns Enn 2006 ausgelaf ass an deemno, datt muss een unerkennen, säit dem 1. Januar 2007 keng Base légale méi besteet fir dës Zort vu Statshëllef.

Dobäi war selbstverständlech scho laang gewosst, dass de Regime den 31. Dezember 2006, esou wéi mat der Europäescher Kommissioun négociéiert a festgehale gouf, géif à terme kommen. Et huet awer bis September 2007 gedauert, also méi wéi nëng Méint nodeems den ale Regime de Verfallsdatum erreecht hat, bis dass de Wirtschaftsminister der Chamber en neie Projet virgeluecht huet, den 19. September 2007. Wann d'Chamber dee Projet haut stëmmt, wat mir hoffen, da si mëttlerweil 17 Méint verstrach, während deenen et keng legal Basis méi fir deen Typ vu Bähëllefeg gouf.

Et muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Konnt d'Regierung dës ongesond Situation net évitéieren a vläicht dat Ganztt besser anticipéieren?

De Rapporteur huet schonn drop higewisen, dass d'Europäesch Kommissioun och relativ spët dem Auseministère matgedeelt huet, ons Aidë wäer konform zu de Richtlinien, déi d'EU an deem Domän ausgeschafft huet. Dëst war den 12. Oktober 2006. Nach huet et du bal e Joer gedauert, bis d'Regierung endlech en Text prett hat. Eng Erklärung fir dës Retard ass vläicht och déi, dass mat dësem Projet direkt och nach zwee aner Punkten an Ugrëff geholl si ginn.

D'Gesetz vun 2004 iwwert d'Produktioun vun erneierbarer Energie gëtt erweidert. Biomethaninstallatiounen sollen an Zukunft ënner anerem och an de Genoss vu Bähëllefeg kommen. Dat ass sécherlech eng gutt Saach an ass am Sënn fir ons ëmweltfrëndlech Energieproduktioun ze diversifizéieren. Esou kann ee sech awer trotzdem froen, ob dat onbedéngt an dës Gesetzestext huet missen integréiert ginn. E Gesetzestext, deen duerch déi Zousatz e bëssen d'Allure vun engem Fourre-tout-Projet kritt.

Et ass e weidere Volet, deen hei couvréiert gëtt, deen net vill mam Haaptobjekt, nämlech der Politique d'aide régionale, ze dinne huet. Sou sollen zwou fréier Industriezonen op dem Territoire vun der Gemeng Beetebuerg eng nei Affektatioun kréien. Dat ass sécher-

lech och begrëissenswäert an am Sënn vun der ekonomescher Diversifikatioun vun onse Gemengen, mä dee Punkt, grad wéi dee virdrun, hält och kënnen an engem separate Projet behandelt ginn. Esou vill zur Form an der Aart a Weis, wéi dëse Projet an Ugrëff geholl gouf.

Zum Fong ass ganz villes vum Rapporteur, dem honorabelen Här Castegnaro, scho gesot an och geschriwwen ginn an ech wëll him Merci soe fir seng ausféierlech Rapporten. Vlächcht e puer zousätzlech Iwwerleeunge mengersäits.

Regional Bähëllefle ginn an Zukunft just nach op 16% vun der Populatioun begrenzt. Virdu, wéi de Rapporteur et schonn ënnerstrach huet, louch de Plaffong bei 32%. Deemno wäert den neie Regime vill méi cibléiert ausgeriicht sinn. Geographesch gesi wäerten d'Bähëlleflefen och méi cibléiert verdeelt ginn, an de Rapporteur huet jo schonn ervirgehuewen, dass véier Regiounen, déi hien opgezielt huet, dofir a Fro kommen an dass déi Regiounen ausgewielt gi sinn no enger Partie vu Kritären, wéi den Taux de chômage, d'Presenz vun Industriefrichen an enger Mindestpopulatioun vun 10.000 Awunner.

Bei deem leschte Kritär ass Lëtzebuerg eng Sonderregelung zouerkannt ginn. Normalerweise läit d'Mindestpopulatioun bei 20.000 Awunner pro Regioun. Ech mengen, et war eng gutt Saach, dass d'Regierung sech agesat huet, dass fir Lëtzebuerg mat deem klengen Raum, deem onsen ass, eng Spezifisitéit festgehalen ginn ass an dass där Spezifisitéit Rechnung gedroe ginn ass.

D'Subventionstauxé fir d'Entreprisë leien a Fonctioun vun hirer Gréisst tëschent zéng an 30 ESB, équivalent-subvention brut. D'Tauxé fir grouss Investitiounsprojete sollen duerch e Règlement grand-ducal festgeluecht ginn. Déi leien awer, mengen ech, nach net vir. Vlächcht kann de Minister ons dozou zousätzlech Informatiounen ginn.

Dem Projet louch och keng Fiche d'impact financier bái, well d'Regierung net à même war, fir dësen Impact ze chiffrieren, wat iwwregens vum Statsrot bemängelt gouf.

Gleeft een den Aktivitéitsberichter vum Wirtschaftsministère vun de Joren 2001 bis 2006, esou goufen an där Zäitspan Bähëlleflefen opgrond vum 2000er Gesetz fir ronn eng Milliard Euro Investisementer accordéiert. Kann een dat als Referenz considérieren, wäerte mer an Zukunft ongefier op deenen Niveaue leien? Vlächcht kann och do de Minister ons eppes Weideres un Informatioun ginn.

Et soll, an dat gëtt ervirgestrach, vill Wäert op Transparenz vun deem ganze Subventionssystem geluecht ginn. Transparenz, déi haut net ëmmer garantéiert ass, nottamment wann et sech ëm Subventionen zugonschte vun Infrastrukturen op Gemengenniveau handelt. Ech denken do ënner anerem u Kulturinfrastrukturen.

Här President, den Exposé des motifs geet kuerz op den Historique vun der Politique de développement et des diversifications économiques bei ons am Land an. Dës Politik gëtt säit de 50er Jore bedriwwen an enger Zäit, wou haaptsächlech am Ufank an der Landwirtschaft, mä och am industrielle Secteur grouss Chamboulementer stattfont hunn. Am Ufank war beträff heivunner en premier lieu den Norden, an et kann ee sech méi wéi 50 Joer duerno froen, ob déi Developpements- an Diversifikatiounspolitik vum Stat déi erhoffte Friichte gedroen huet oder ob et sech hei ëm en éiwege Chantier handelt.

Am Süden, wou d'Stolkris am meeschte Spuren hannerlooss huet, entsteet de Moment eng ganz flott Dynamik, 30 Joer duerno. Hei geschitt wierklech villes an dat ass bemierkenswäert. D'Majoritéit vun de Projeten, an dat steet am Rapport zu dësem Gesetzesprojet, goufen tëschent 2001 an 2006 am Süde realiséiert. Kann een aus deem Saz erauslesen, dass d'Séquellé vun der Stolkris haut en Haaptkritär duerstellen, wann et ëm regional Bähëllefle geet, an den Norden deemno méi kuerz kéim? Ech wëllt dat net hoffen a mengen, dass den Entwécklungsziler vum Norden och soll an dësem Kader déi néideg Suergfalt gëllen.

Ekonomesch Diversifikationsbähëllefle sinn noutwendeg, do besteet keen Zweifel. Si sinn awer och, an dat wësse mer, keen Allheilmëttel fir all Problemen an deene betroune Géigenden. Hei ass de Stat, hei sinn déi eenzel Gemenge gefuerdert. Hei ass de Stat och ganz besonnesch gefuerdert um Niveau vun der Landesplanung, an do wär ze hoffen, dass an Zukunft méi Neel mat Käpp gemaach ginn.

Här President, zum Schluss vu menger kuerzer Interventioun wëllt ech hei den Accord vun onser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den honorabelen Här Alex Bodry huet d'Wuert.

» **M. Alex Bodry** (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen no den Ausféierunge vun eise Fraktiounskolleeg a gudde Frënd, dem Här John Castegnaro, brauch een net méi op den Detail vun deem heite Projet anzugeen.

Et ass awer gutt, nach eng Kéier ze rappelléieren, dass an Europa de Prinzip gëllt, dass staatlech, öffentlech Bähëllefle fir Betriber verbuede sinn. Dat ass d'Regel. Déi Regel ännert sech och net mat deem heitege Gesetz, mä d'Europäesch Uniooun léisst zou, dass regional Hëlleflefen oder och sektoriell Hëlleflefen an engem strenge gemeinschaftleche Kader kënnen vun den eenzelnen Nationalstaaten oder vun nationaler Kollektivitéiten ausbezueelt ginn.

Mä et ass och gradesou kloer, dass déi Hëlleflefen an engem fraie Maart d'Ausnahm duerstellen, an duerfir si se och nëmme begrenzt méiglech. Déi Begrenzunge sinn eigentlech den Inhalt vun deem heite Gesetzesprojet, wat dee leschten ass an enger ganzer Lëscht vun ähnleche Projeten, mat deem déi successiv Regierungen a Chamberen sech ze befaassen haten.

Dass staatlech Hëlleflefen net onbegrenzt méiglech sinn, dat huet besonnesch och de fransésche President, den Här Sarkozy, nach viru kuerzem misse batterlech noemfannen, wéi hie sech hardi zu gewëssen Aussoen hiräisse gelooss huet, wat d'Méiglechkeet vun Interventiounen vum Stat, an deem heite Fall vun franséscher Stat, bei eenzelne Betriber ugeet.

Et ass en neie Regime vun Nationalhëlleflefen, deem hei proposéiert gëtt vun der Europäescher Kommissioun an deem d'Lëtzebuerger Regierung probéiert maximal auszereizen, wéi och d'Chambre de Commerce an hirem Avis belobegend ervirgestrach huet. Déi regional Hëlleflefe sinn e wichtegt Instrument vu regionaler Planung, sinn awer och selbstverständlech en Instrument, fir d'Wirtschaftsentwécklung hei am Land an och regional ze förderen.

Et soll ee sech näischt virmaachen: Et ass ganz kloer, dass nieft eise Steuerregime, nieft eise Regime vun de Sozialofgaben déi méiglech staatlech Bähëlleflefen och haut nach ëmmer e Standuertfaktor duerstellen an e Betrib dozou kënnen bréngen, d'Décisioun positiv oder negativ ze huelen, fir sech hei néierzeloosse respektiv fir Investisementer zousätzlech hei an eise Land ze maachen.

Et ass also, an et bleift och an där méi restriktiver Form zum Deel e wichtegt Steuerungsinstrument, eent vun deene weënen, déi eng national Regierung nach huet, fir kënnen positiv a lenkend an deem dote Beräich vun der Uplandung vu wirtschaftlechen Aktivitéiten anzewierken.

Et ass also e Moyen, fir Betriber ze iwwerzeegen, fir sech hei néierzeloossen, oder fir bestehend Betriber dozou ze bréngen, fir nei Plazen ze schafe respektiv bestehend Plazen ze erhalen.

Dee Lien mat dem Schafe vun Aarbechtsplazen ass och e ganz wichtegt Element, wat an deem ganze Regime kloer verankert ass. Et gesäit een also och do ganz kloer, wat d'Zilsetzung vun der Asetzung vun deene Regionalhëlleflefe muss och hei zu Lëtzebuerg sinn.

Fir e Land wéi Lëtzebuerg - an dat huet d'Viraarbecht vun dësem Gesetz gewisen -, mat nach wie vor exzellente Wirtschaftsdaten am Verglach mat ville vu senger Partner, ass et net einfach ze motivéieren, wéi sou et regional Hëlleflefen iwwerhaupt nach brauch. Do huet vill Iwwerzeegungs-aarbecht vu verschiddene Regierungen misse geleescht gi bei der Europäescher Kommissioun. An et kann een och der Lëtzebuerger Regierung nëmme félicitéieren, dass si et fäerdeg bruecht huet, dach e Regime vu Regionalhëlleflefe fir déi nächst Period bis 2013 och fir Lëtzebuerg weider kënnen duerchzesetzen.

D'Tendenz ass awer ganz kloer. Wann een déi lescht zwee Gesetzer nëmme kuckt, gesäit een, wann een eleng dat kuckt, wat d'Eligibilitéit vun den Investisementer ugeet, dass déi Kaart, déi gezeechent ginn ass, an déi Bevëlkerungszuel, déi mat erakënn, erfogaange si vun 42,7% op 32%, a schlussendlech elo nach eng Kéier halbéiert gi sinn, fir op 16% ze landen.

Parallèll dozou ass och d'Méiglechkeet vun där maximaler Hëllef eigentlech beschnidde ginn iwwert déi lescht Gesetzer, fir schlussendlech an der Regel bei 10% ze

landen. An Ausnahmefäll kann déi awer och bis zu 30% eropgesat ginn, wéi de Rapporteur dat schonn duergestallt huet.

Wat den Impact vun deem heiten Text ugeet, kann een dee ganz liicht eigentlech an zwou Formulë résuméieren: D'Förderungsintensitéit, déi geet erof, mä de Krees vun de méigleche Bénéficiairë geet erop, besonnesch och doduerfir, dass en neie Regime hei, e Spezialregime integréiert gëtt, nämlech dee vun der Förderung vun deene sougenannte klengen Betriber, wou also haaptsächlech och d'Création d'entreprises iwwert deem heite Wee kann zousätzlech Hëlleflefe kréien.

Dat ass an eisen Aen och e ganz positiven Aspekt vun där neier Regelung. Dat ass e Plus par rapport zu deem, wat haut an deem auslafende Regime hei zu Lëtzebuerg méiglech war.

Wichtig an den Ae vun eiser Fraktioun ass och, dass dësen Text erëm eng Kéier spezial Bestëmmungen enthält, wat d'Restitutioun vun den Aiden ugeet. Dat ass esou eng Fro, déi am Ausland ganz vill diskutéiert ginn ass an deelweis och hei zu Lëtzebuerg, wat da geschitt mat deene staatlechen, öffentleche Bähëlleflefen, déi eenzel Betriber kréien, déi plötzlech zoumaachen, déi auswandern oder déi Aarbechtsplazen ofbauen, déi also hiren Engagementer net gerecht ginn, déi se dee Moment geholl hunn, wéi se den Dossier fir déi Bähëlleflefen agereecht hunn.

Do sti ganz kloer Dispositionen am Artikel 12. Et besteet d'Méiglechkeet, et ass de Prinzip festgeschriwwen ginn, dass et muss zu enger Restitutioun vun den Aidë kommen, wann zum Beispill bannen engem Délai vun dräi respektiv fénnef Joer déi Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sinn, net erhalen ginn, oder wann deenen Investisementer do fréizäitig en Enn gesat gëtt während deenen dote Perioden.

Dat ass an eisen Aen e ganz wesentleche Punkt, deem einfach e Corollaire ass zu dem Ausschëdde vu Bähëlleflefen. Dat ass och mat enger Rei vu Verpflichtungen vun der Säit vun de Betriber verbonnen, a wann déi Betriber d'Verpflichtungen net anhalen, da muss de Stat do kënnen Sanktiounen huelen.

Eng ganz schwierig Operatioun, déi all Kéiers zwëschenuewer gemaach gëtt, war déi, fir déi Kaart ze definéieren, déi schlussendlech also festleet, wat fir eng Regioun kënnen an de Benefiss vu Regionalhëlleflefe kommen. Dat sinn der dës Kéier véier: Norden, Osten, Süd-Osten a Süd-West vum Land.

D'Chambre de Commerce huet d'Virgehensweis vun der Regierung mat engem Adjektiv charakteriséiert: pragmatesch.

Ech mengen, sou war déi Virgehensweis och. D'Regierung huet d'Statistike mat zu Hëllef gezunn, mä hir Approche war haaptsächlech déi, hei e Gesetz ze schafen, wat och um Terrain ka gräifen. Dat heescht, wat sécherstellt, dass och an deene Regiounen, déi elo hei éligibel si fir d'regional Hëlleflefen, eng gewësse Probabilitéit besteet, dass an dëser Period och Betriber wëllen dohinnergoen, dass also Zones d'activités zur Verfügung stinn, déi esou ausgeriicht sinn, dass se attraktiv genuch sinn, fir nei Betriber kënnen unzezéien. Dat, mengen ech, ass an deene véier Regiounen de Fall. An dat erkläert och, firwat Diddeleng, wat bei där leschter Kaart net derbäi war, dës Kéier mat drakomm ass, well eben do vu Regierungssäit geplangt ass, eng grouss national Zon anzeriichten op de fréiere WSA-Terrainen, wou sécherlech wäerte munch Betriber a munch Aarbechtsplaze kënnen dohinnerkommen a geschafe ginn.

Dat heiten ass e wichtegt Instrument, wat mer hunn, fir Sozialpolitik ze maachen, Wirtschaftspolitik ze maachen an och Landesplanung zum Deel mat hei ze leeden.

Et wäerten nei Instrumenter kommen. Mir sinn an enger éischer Diskussioun, déi mer am Parlament féieren. Mir freeën eis schonn op déi aner Diskussiounen, déi mer mam Wirtschaftsminister a mat den zoustännegen Stelle vun der Regierung wäerten hunn, wa mer iwwert de Projet vun dem sektorielle Plang vun den Aktivitéitszone wäerten diskutéieren, wou och d'Gemengen e wichtige Partner sinn an där ganzer Prozedur. Dee Plang soll jo och bis Enn vum Joer virleien als Projet.

A wéi gesot si mer och befaasst mat enger Ukënnegung, déi d'Regierung gemaach huet, dass si och wëllt, wat d'Betriebsbesteuerung ugeet, eng Rei vu Modifikatiounen maachen. Dat geet a Richtung progressiv Erofsetzung vun de Prozentsätz, wat d'Besteuerung ugeet, awer eventuell gekoppelt mat enger neier Definitioun vun der Besteuerungsgrundlag vun de Betriber, well ee jo och muss feststellen, besonnesch wat d'Kierperschaftssteuer ugeet, dass dat eng

Steier ass, déi net méi wisst, dass dat eng Steuer ass, déi tendenziell ofhëlt iwwert déi lescht Joren, an dat muss eis och an der gesamter Steuerstruktur hei zu Lëtzebuerg awer ze denken ginn.

Wéi gesot, dat sinn Diskussiounen, déi mer haut net féieren, mä déi féiere mer zu engem spéideren Zäitpunkt.

Op jidde Fall wäert d'sozialistesche Fraktioun dësen Text stëmmen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Den honorabelen Här Kox huet d'Wuert fir déi gréng Fraktioun.

» **M. Henri Kox** (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, am Ufank wëll ech dann och mengem Kolleeg, dem Rapporteur, Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport vu virdrun. De Rapporteur an och meng Virriedner si schonn ausféierlech op de Sënn an Zweck vun dësem Gesetz agaangen. Ech wëll och dofir direkt am Ufank den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz ginn. Iwwert déi technesch Detailer - wien, firwat a wéi een Hëllefstellung kann erwaarden - huet jo de Rapporteur schonn des Laangen an des Breede referéiert. Ech wëll mech dofir just op e puer Aspekter vun dësem Gesetz limitéieren.

Och fir déi Gréng ass et wichteg Instrumenter ze hunn, fir d'Wirtschaftspolitik hei am Land kënnen ze steiere respektiv aktiv kënnen ze ënnerstëtzen, besonnesch a regionale schwierigen Zonen, respektiv sektoriell nei Projeten, jonk Projeten, zukunftsfaeg Projeten a besonnesch an den Ekotechnike ginn, wéi an der Biogasproduktioun.

Dëst Gesetz huet jo als Zil, och besonnesch a Regiounen aktiv ze ginn, wou duerch Restrukturationsmoosnamen eng Rei vu wirtschaftlechen Tätigkeeten verluer gaange sinn, déi oft, wann net bal ëmmer mat Aarbechtslosegkeet verbonne sinn.

D'allgemeng Wirtschaftsförderung hei zu Lëtzebuerg steet haut an enger anerer Optik. Déi klassesch Industrie wäerte mir net méi hei op Lëtzebuerg kréien. Dëst ass schonns laang gewosst. Eise Wirtschaftsminister huet sech awer laang domat schwéiergedoen, fir dës Entwécklung esou ze akzeptéieren.

An engem Héichlounland wéi Lëtzebuerg ass et net méi méiglech, klassesch industriell Produktionsfirmen heihin ze zéien. Eng Gesellschaft, déi ëmmer méi op Déngschtleeschungen opbaut, kënn net méi derlaanscht, och sech am Beräich vun der Produktioun op méi Déngschtleeschungsbetriber auszeweiden, wou méiglech héichwäerteg Produkter kënnen hiergestallt ginn, nohalteg Produkter respektiv wou de Mehrwäert an der Regioun selwer geschafe gëtt an och bleift.

Lëtzebuerg - an dat ass jo net nei - huet eng vill ze grouss Ofhängegkeet vun engem Wirtschaftsfacteur, nämlech dem Finanzsektor. All Kéiers wann et op der Bourse e bësse méi schlecht geet, fänke mir hei zu Lëtzebuerg un ze houschten. Déi lescht Jore si Bewäis genuch vun esou enger Entwécklung. Mir sinn dofir gezwongen, eis Wirtschaft méi ze diversifizéieren, fir net méi esou schnell ufälleg ze ginn.

Do, wou mir schonns laang hätten aktiv kënnen ginn, dat ass am Beräich vun den Ekotechnologien. Dee Wirtschaftsraum, dee sech schonns haut an dee Beräich vun den Ekotechnologien investéiert, huet muer nämlech d'Nues vir. Sämtlech Etüden, déi sech mam Klimawandel an den Auswierkungen op d'wirtschaftlech Entwécklung beschäftegen, argumentéieren an déiselwecht Richtung.

Fir déi Richtung awer anzuschloen, muss dat politesch wéi dat wirtschaftlech Émfeld entsprechend klappen. Mir kënnen net engersäits no Produktionsfirmen am Beräich vun den alternativen Energie werben, wa mer gläichzäitig méi en nuancéierten Discours vis-à-vis vun den erneierbaren Energien hei zu Lëtzebuerg féieren. D'Entwécklung jiddefalls vun de leschte Jore waren dofir alles aneschers wéi positiv, fir doraus bei esou Firme grouss Reklamm kënnen ze maachen.

Aus der Ried vum Premierminister iwwert d'Lag vun der Natioun war jo erausze-
héieren, datt Lëtzebuerg endlech méi aktiv
am Beräich vun den Ekotechnologië wëllt
rekrutéieren. Vlächcht kann de Wirtschafts-
minister eis duerno an e puer Wierder kuerz
Erklärungen dozou ginn.

Wa mer scho bei den Ekotechnologië sinn,
esou muss mer eis awer och bei der Wirt-
schaftsförderung mat der Gesamtaus-
wirkung beschäftegen. Niewent de Sozial-
froe vun hei sinn awer och all Aspekter vun
der Nohaltegkeet ze ënnersichen. Wéi ass
et mat de soziale Froen an anere Länner?
Wéi ass et mat den allgemengen Nohalteg-
keetskritären? D'Wirtschaftsförderung muss
sech deemno och mat esou Froen erëm-
schloen an nei Kritären opstellen, fir Feel-
entscheidunge virzebeugen.

D'Polemik iwwer Biocardel - also déi Firma,
déi zu Beetebuerg d'Agrarkraaftstoffer soll
hierstellen - ass e gutt Beispiill dofir. Mir kréie
jo haut de Mëtteg nach eng Kéier d'Ge-
leeënheet, kuerz iwwer Sënn an Netsënn vu
Biokraaftstoffer ze schwätzen.

Awéiwäit ass déi kuerzfristeg Aarbechts-
plazerhéijung oder och Wirtschaftsför-
derung hei kompatibel mat Froe vu sozialer
Ofséchering a Brasilien a soss an der Welt?
Wéi eng zousätzlech Kritäre kënnen hei an
dësem Dossier gefuerdert ginn? Wou sti
mer - an dat ass vlächcht nach eng Fro zum
Schluss - am Dossier Biocardel, fir kënnen
wierklech déi richteg Äntwerten an déi
richteg Nohaltegkeetskritären erafléissen ze
loossen, fir datt mer net hei profitéieren an
op enger anerer Plaz grouss Misär be-
wierken?

Ech wollt hei och ganz kuerz sinn. Et ass
alles virdu vu menge Virriedner gesot ginn.
Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Kox. Als
leschte Riedner kënnt den honorabelen Här
Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). -
Här President, léif Kolleeginnen a Kol-
leegen, fir d'éischt e grouss Merci un de
Rapporteur, deen et an engem ganz kom-
plizierte Gesetzestext fäerdeg bruecht
huet, fir déi essenziell Punkten, op déi et
ukënnt, ervirzesträichen.

Mir si frou, datt mer e Gesetz hunn, wou mer
nach d'Méiglechkeet kréien, fir onse Be-
triber iwwert de Wee vu Subsiden an Hël-
lefen entgéintzekommen. Nach muss ee
feststellen, datt déi Villzuel vu Subsiden, vun
Hëllef, déi et hott an har doruechter gëtt,
alleguerten nuren oder haaptsächlech vu
groussen Entreprises a Banke genotzt ginn.

Bei de Kleng- a Mëttelbetriber gëtt et, op
Basis vun enger Etüd vun enger grousser
Fiduciaire, anscheinend nuren 28%, déi déi
Aiden do voll a ganz ausnotzen. Woufir?
Well déi Betriber net all wëssen, datt se en
Urecht dorop hunn. Dat ass eng vun de
Problematiken, déi een huet a wou ech vun
der Regierung géif erwaarden, datt se,
wann dat Gesetz elo gestëmmt ass, dann
de Betriber awer och matdeelt, datt et déi
Hëllef gëtt, wou se sollen ugefrot ginn, wéi
se praktesch déi Ausleeunge vun dësem
Gesetz kënnen maachen a wéi se an de
Genoss vun deenen Aidë kënnen kommen.
Duerfir wier ech frou, wann d'Regierung mer
kéint soen, ob se bereet ass, op dee Wee ze
goen.

Deen zweete Punkt, deen ee muss dis-
kutéieren, ass, ob een net en anere Wee ka
fannen, fir haaptsächlech de klengen a
mëttlere Betriber entgéintzekommen, ouni
datt se mussen eng Hällewull vu Recherche
maachen a Matière vu Subsiden. Do kann
ee sech inspiréieren un deem, wat mer am
Ausland hunn; notamment an England, mä
och an Éisträich, wou et keng Steierabat-
tementer méi gëtt, mä uniquement Steier-
kreditte.

Bei Steierkreditte kritt dann natierlech de
klenge Betrib gradesou deeselwechte
Montant wéi déi grouss Bank oder dee
grouss Betrib. Dat kënnt de klenge Be-
triber immens entgéint. Mir als ADR
mengen, datt dat misst de Wee sinn, deen
een an Zukunft misst hei am Land goen.
Well jiddfereen - all Betrib - muss eng
Steiererklärung maachen. Bei där Geleeën-

heet gesäit hien da bei senger Steierer-
klärung, vu wat fir engen Hëllef hien um
steuerleche Gebitt ka profitéieren. Hie kann
direkt de Montant ausrechnen, deen hien
deen Ablack kritt.

Da muss een och festhalen, datt hei an
dësem Gesetz vun engen etleche Rê-
glements grand-ducaux geschwat gëtt. Den
Artikel 14 weist notamment drop hin, datt
verschidde Konditiounen vum Gesetz, wéi
een d'Hëllef ka kréien, duerch Règlement
grand-ducal kënnen preziséiert ginn.

Duerfir wollt ech d'Regierung froen, wéini si
gedenkt déi Règlements grand-ducaux
public ze maachen, oder ob si iwwerhaupt
gedenkt esou Règlements grand-ducaux
auszeschaffen. Wann, da soll et do am
Detail drëm goen, well soss nach déi eng
oder déi aner Ausleeungsschwiergkeet
bestoe bleift. D'Fro stellt sech also, ob mer
dëst Gesetz elo direkt, wann et publizéiert
ass, kënnen esou applizéieren, wéi et
dosteet, oder ob een nach muss waarde bis
déi Règlements grand-ducaux, déi am
Gesetz virgesi sinn, dann och nach pu-
blizéiert ginn.

Da stellt sech och eng praktesch Fro, dat
ass déi vun der Kontroll vun de Subsiden:
Wéi ginn déi Kontrolle gemaach? Wéi ass
dat organiséiert am Prakteschen? Gëtt dat
all Joer gemaach? Oder nure periodesch? -
Dat sinn déi puer Froen, déi ech wollt un
d'Regierung stellen. Dat gesot, mengen ech
awer kënnen den Accord vun der ADR zu
dësem Projet de loi ze ginn.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här
Henckes. D'Wuert huet elo den Här Minister
Krecké.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** - Här
President, Dir musst meng Zäit just op null
setzen; ech wëll net dem Här Henckes seng
huelen.

Ech wëll fir d'éischt emol der Kommissioun
Merci soen, déi hei erëm eng Kéier eng ex-
zellant Aarbecht gemaach huet, zesumme
mat menge Leit. Ech muss soen, dass ech
vill Chance hunn, dass déi Kommissioun
esou äerdeg schafft, a wa mer dann och
nach en äerdege Rapporteur hunn, da
brauch de Minister net méi vill op dëser
Tribün ze erzielen, well dann ass dat
meescht gesot ginn.

Och dee Reproche, deen dem John
Castegnaro gemaach ginn ass, oder et war
en hallwe Reproche, dass en elo op eemol
sech géif asetze fir Wirtschaftsfroen, ass
éischstens een, deen net richteg ass. Dat
huet e virdu scho gemaach an e war ganz
verantwortungsvoll do. Mä wann et dann
och nach esou wier, dass en elo op eemol
entdeckt hätt, dass e sech vlächcht kéint méi
fir d'Wirtschaft och nach asetzen, da wier et
jo gutt, wann déi, déi vill fir d'Wirtschaft
schwätzen, elo emol géifen dee soziale
Volet entdecken an emol e bëssen doriwwer
géife schwätzen.

» **Plusieurs voix.** - Aaaahh!

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** -
Dann, mengen ech, wiere mer e gudde
Schrëtt weider.

Ech muss soen, dass ech e bëssen
erschreckt war beim Här Sauber, wéi en do
geschwat huet vun där Approche, déi
komesch liberal Approche, a wou een hei al
Krécke géif ënnerstëtzen - Krécken heescht
jo Krücken, net eppes anescht.

(Hilarité)

Fir deen, deen do e Problem huet.

» **M. Charles Goerens** (DP). - Et kéint
awer Konfusioun opkommen.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** - Jo,
mä duerfir hunn ech geduecht, erklär dat
do. Ech hunn un Ärem Bléck gesinn, dass
d'Konfusioun am Bléck scho souz.

(Hilarité)

» **Une voix.** - Dat kritt Der erëm, dat do.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** - Jo.

Et geet jo hei wierklech net drëm, fir hinze-
goen, Betriber, déi schwächeln, ënnert
d'Äerm ze gräifen, mä hei geet et ëm e
ganze Koup aner Saachen. Dat do ass jo
nëmme een Instrument vu villen, déi mer
gebrauche fir Wirtschaftspolitik ze
maachen. Eenzelner sinn och nach an
deem Ministère, anerer sinn an anere Mi-
nistären.

Mëttlerweil gëtt et ëmmer méi Kritären,
un déi ee vlächcht de prime abord net denkt.
Mä haut ass eng international Schoul, haut
ass iwwerhaupt d'Formation, haut ass d'Dispo-
nibilitéit zu anstännege Präisser vun
Terrainen heiandsdo méi wichteg, wéi elo
direkt eng Bähëllef oder wéi eng steuerlech
Vergütung. Et muss ee soen, dass d'Kritäre
sech staark geännert hunn an dass aner
Elementer ewell méi mat eraspillen.

Den Départ, an de John Castegnaro huet jo
den Historique e bësse gemaach, war u
sech dee vun enger Diversifikatioun,
souwuel geographesch wéi och sektoriell.
Et war fir Regionnen, déi gelidden haten
doduerch, dass deen een oder anere Betrib
opgehalen huet, staark ze ënnerstëtzen.
Duerfir si geographesch och deemools
grouss Ënnerscheeder gewiescht, wat
d'Bähëllef ubelaangt, mä et war awer
och, wat de Secteur ubelaangt.

An do muss ech soen, ass dat, wat den Här
Kox seet, nu méi schwéier nozevollzéien.
Ech hu verstanen, dass Dir net gutt fannt,
dass ech nach wie vor ganz vill Effort
maachen, fir industriell Betriber awer hei-
ninner ze kréien.

» **M. François Bausch** (DÉI GRÉNG). -
Dat huet en net gesot!

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** - Dat
huet e gesot!

» **M. François Bausch** (DÉI GRÉNG). -
Neen, dat huet en net gesot! En huet gesot,
Här Krecké, et wär schwéier a bal onméig-
lech, fir der ze kréien, an e géif Är Dis-
kussiounen mol ofwaarden, well Dir awer
mengt, Dir géift der kréien.

Selbstverständlech, wa mer nach ee géife
fannen, géife mir eis wahrscheinlech mat
lech freeën. Dat ass eng Differenz.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** - Ech
si frou, dass den Affekt vum Här Kox zu där
doter Konkusioun kënnt, well do si mer
dann no bäi, endlech.

(Interruption)

Nämlech: Diversifikatioun kann een net -
loosse mer soen - bedauern doduerch,
dass ee seet, wann e Problem op der
Finanzplaz ass, da kréie mir den Houscht,
an net akzeptéieren, dass een da vlächcht e
ganz besonneschen Effort mécht fir Betriber
unzelackelen, am Beräich vun der Manu-
facture, Produktiounsbetriber. Dass mer dat
probéieren, ass fir mech keng Illusioun, well
mir bréngen et nach regelméisseg fäerdeg,
dass der kommen. Just de groussen Ënner-
scheid ass: Mir kréien haut keng méi wou
1.000, 1.500 Aarbechtsplaze geschafe
ginn; well ech muss lech och soen: Wou
géife mer déi siche goen? Meeschendeels
géife mer se hei an där Form net fannen.
Duerfir stellen ech fest, dass mer awer da
ganz no beienaner sinn.

Wat och mëttlerweil de Fall ass, dat ass,
dass een, europäesch gesinn, Regelungen
huet. Selbstverständlech, wéi den Alex
Bodry dat gesot huet, ass dat hei d'Aus-
nahm, d'Hëllef, d'Subventiounen. Dat ass
d'Ausnahm an u sech ass d'Regel déi, dass
kee méi eng Hëllef soll kréien.

Elo ass et awer esou, dass, wann ech
schonn nëmme europäesch kucken, eng
Rei Regionne ganz anescht behandelt ginn,
an et muss ee soen, et versteet een dat och.
Wann zu Leipzig - wat eng Region ass, déi
staark gelidden huet - elo d'Bähëllef vill méi
héich si wéi hei zu Lëtzebuerg, da versteet
een dat. Mä da weess een awer och, dass
een do e grouss kompetitiven Désavantage
eleng vis-à-vis vu Regionnen huet, déi an der
Europäescher Unioun sinn. Guer net ze
schwätze vun deenen ausserhalb.

Ech hunn am Moment Verhandlung mat
engem Produktiounsbetrib fir seng Ex-
tensioun hei, an do gëtt et zwou Plazen, wou
se eventuell wëllen higoen, dat eent ass
Singapur, dat anert si mir.

Mir sinn no beienaner an do ass déi Investi-
tiounshëllef, déi ee ka ginn - déi, wann et e
grouss Betrib ass, net méi wéi 10% ka sinn -,
awer en terribelen Ureiz an deem Moment.
Wann een dat net an der Hand huet an et huet
een näischt Gräifbares soss an der Hand,
dann ass ee schlecht drun. An duerfir soen
ech, hei geet et och nach drëm, heiandsdo där
Illusioun nozelafen, vun där ech scho ge-
schwat hunn.

Dir hutt vun deene véier Regionne ge-
schwat. Et ass richteg, dass d'Kommissioun
emol virun allem d'Kritären definéiert huet.
D'Kommissioun huet gesot, et muss e ge-
wëssen Degré vu Chômage sinn, et muss
mindestens 10.000 Awunner do sinn - herno
hu se sech jo breetschloe gelooss fir op
20.000 ze kommen - an et muss zesum-
menhängend sinn.

Dat heescht, mir konnten och net eng
Gemeng huelen, wou 6.000 Leit wunnen.
Dat ass net erlaabt. Et muss en zesum-
menhängenden Deel sinn. Duerfir begéint
Der wahrscheinlech Gemengen dodran,
wou Der lech sot: Firwat ass déi dann dran?
Do ass jo iwwerhaupt keen Terrain dispo-
nibel.

Dat ass, fir dass et en zesammenhän-
genden Deel gëtt. Dat heescht, déi
Gemenge mussen unenaner sinn, soss geet
dat guer net. Dat heescht, mir hunn eng
ganz Rei Regele missen anhalen an ech
dierf et, mengen ech, hei soen: Mir hunn
d'Rechnung awer och zu engem gudden
Deel vun hanne gemaach. Mir wossten, mir
hunn eng Rei Viraussetzungen: nëmme
16%, zesammenhängend Regionnen,
mindestens 10.000 Awunner, mat engem
héije Chômagetaux. Et ass evident, dass
mer d'Rechnung vun hanne gemaach hunn
a gekuckt hunn, wou mer nach Terrainen
hunn. Et huet jo kee Wäert, dass mer da bei
Regionne landen, wou mer da souwuel am
Plan sectoriel an haut och scho keng
Terraine méi hunn. Esou dass mer scho vun
hannen dat Ganz gekuckt hunn a gekuckt
hunn: Wou hu mer iwwerhaupt Méiglech-
keeten, fir dat do ze développéieren?

Et ass awer richteg, dass et eng politesch
Optioun war fir ze soen, mir ginn an den
Osten a mir ginn an den Norden. Well
d'Madame Flesch sech Suerge gemaach
huet, muss ech lech éierlech soen:
Heiansdo wann ee kuckt, wat ee vun
Terrainen disponibel huet, dann ass et am
Moment méi einfach am Süden dat ze
maachen. Mä et ass eng politesch Optioun
ganz kloer gewiescht, fir den Osten an den
Norden ze ënnerstëtzen, dat heescht, se
dranzeloossen an och ze probéieren, dass
Betriber dohinner ginn.

Allerdéngs muss ech lech soen: Ech ka
keen erschéissen, wann en net wëllt do-
hinner goen. Mä mir mussen awer zumin-
dest se op deeselwechten Niveau bréngen
wéi aner Regionnen. Ënnerscheeder kënnen
mer do net maachen. D'Infrastrukture gi jo
mëttlerweil besser an duerfir sinn den Osten
an den Norden erausgewielt ginn. Dat war
ganz kloer eng politesch Optioun, déi meng
Mataarbechter vun Ufank un haten. Mir
loossen déi zwou Regionnen elo an deem
Pôle net falen.

Ech hu schonn eppes gesot zur Diversi-
fizéierung um Niveau Produktiounsfir-
men. Den Här Kox kënnt ëmmer erëm mat den
Ekotechnologien. Ech hu mer dräi Saache
virgeholl gehat, wat nei sektoriell Saache
sinn.

» **M. Henri Kox** (DÉI GRÉNG). - Dat
huet den Här Premier och gesot.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de
l'Économie et du Commerce extérieur.** - Ho!

Neen, mä Dir kënnt awer vlächcht emol no-
liesen, wat ech emol schonn dozou gesot
hunn. Dat ass awer e bësse méi al wéi dat,
wat Der elo eng Kéier héieren hutt. Mä ech
gesinn, Dir lauschttert éischter no, wann de
Premier et seet, wéi wann en aneren dat
seet; mä dat sief lech iwwerlooss.

(Hilarité)

Mir hunn eis dräi ganz kloer Beräicher vir-
geholl. Dat eent war Logistik, dat zweet war
Gesondheetstechnologien an dat drëtt sinn
d'Ekotechnologien.

(Brouhaha)

An do hu mir eng ganz einfach Aart a Weis
virzegoen. Mir maache gewéinlech eng
Etüd virdrun. Mir kucken dann den
Aktiounsplang hannendrun ze maachen an
da fuere mer duer. Esou hu mer et an der
Logistik gemaach; dat kënnt Der schéin
novollzéien. Esou hu mer et elo an de
Gesondheetstechnologië gemaach; eng
Etüd, dann en Aktiounsplang an elo
d'konkret Aktioun, déi d'lescht Woch
ugekënnegt ginn ass.

An esou geet et och an den Ekotechno-
logien, wou mer um Niveau vun der Etüd
sinn. Duerno kënnt den Aktiounsplang an
da kënnt dat Nächst. Wat awer net ver-
hënnert, dass een entre-temps versicht, där
Betriber unzezéien.

Den Här Kox huet mer schonn e puermol
esou Saache gesot, an all Kéiers soen ech
zu him: Ma da bréngt mer emol en Inte-
ressent! Dat ass nämlech d'Fro.

(Interruption)

Wann ech gelift!

Et kann ee grouss Theorien hunn, et kann
ee grouss Wënsch hunn. Ech hunn där och.
An ech hu se fir d'Ekotechnologien. Ech
hunn dat elo schonn e puermol gesot: Ech
géif soen, vun 2005 aus u kucke mer no
esou Betriber! Mä wann Der kee fannt, dee
wëllt heihinnerkommen!

Mercredi,
11 juin 2008

(Interruption)

Ech muss soen, dass den Här Kox jo sengerzäit eng Kéier gesot huet, wéi ech dat hei gesot hunn, hien hätt der. Deemools hunn ech gesot: Ma, Här Kox, nennt mer se an da kucken ech, mat deenen a Verbindung ze trieden.

Mä, ech muss lech soen, dat ass bis elo net geschitt. Ech hunn nach kee bräichen zrëckzeweisen, dee mer net gutt genuch war, well et huet nach kee sech weider gemellt!

(Interruption)

Déi puer, déi mir gesinn hunn, sinn déi, déi mir versicht hunn dorëmmer opzedreiwen.

Et muss ee jo ëmmer froen: Firwat komme si gegebenenfalls hei op Lëtzebuerg? Si musse jo iergendeen Avantage concurrentiel hunn.

(Interruption)

An den Här Kox huet och gemengt, mir hätten eng negativ Propaganda gemaach duerch eis Regeln an den erneierbaren Energien.

» Une voix.- Ganz sécher! Ganz sécher!

(Interruption)

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Iergendwou, iergendwou muss dann ee sech géiert hunn. D'Presidentin vum Mouvement écologique huet elo virun e puer Wochen nach an engem Interview gesot, dass am Groussen a Ganzen déi Regelunge gutt wieren an an deem Mooss och justifiéiert.

» Une voix.- Déi nei, jo!

» Une autre voix.- Dir hutt awer dräi Joer d'Leit am Onséchere gelooss.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Déi Regele sinn also gutt. Et gëtt also kee Grond. Mä Dir sidd net midd ginn, an all där Zäit dat do mieszerieden. A wann een eppes miesgeriet huet, da waart Dir dat do zum Deel.

(Interruptions)

Dann zu de Kleng- a Mëttelbetriber. Och déi hu mer net elo entdeckt, wéi den Här Sauber dat gemengt huet, déi si scho laang bei eis virstelleg ginn. Et ass evident - ech hunn et gesot -, mir fannen och kee grouse Betrib méi, dee mat 1.000 bis 1.500 Plaze kënnt.

Duerfir versiche mer, de Wirtschaftsministerium, haaptsächlech fir Kleng- a Mëttelbetriber och zu Bréissel deen „small business act“ zesumme mat der Kommissioun op d'Been ze kréien a wäerten iergendwa mat deem Aktionsplang och hei da bei lech kënne virtrieden.

Wat de finanziellen Impakt dovunner ublaangt, ass gesot ginn, et wier keng Fiche d'impact do. Ech muss soen, ech hätt et immens licht gehat, an d'Madame Flesch huet et jo ugedeit, wéi een et hätt kënne maachen: Ech hätt einfach dat vun deene leschte sechs Jore geholl, hätt dat dividéiert duerch sechs an hätt dat dohinnergeschriwwen.

Ech hunn dat awer net seriö fonnt. Et muss een dach awer och kënnen agestoen, dass an esou enger Matière ee wirklech net weess, ob muer dräi, véier Betriber kommen, ob der zéng kommen oder ob schlussendlech kee kënnt.

Da sinn ech léiwer eierlech a soen, mir hunn eng Rei Saachen an de Budget ageschriwwen, mä vu dass se sans distinction d'exercice an non limitatif sinn, ass et iwwerhaupt kee Problem.

Mir hunn natierlech en Accord mam Budgetsminister, dass, wann esou e Betrib kënnt an et sinn net Sue genuch do, mer déi kréien. Et wier jo gelaacht, wa mer géife soen, et deet eis leed, Dir musst waarde bis d'nächst Joer, bis mer dat am Budget stoen hunn. Sou leeft dat do an der Praxis jo net. Duerfir hu mer dat net gemaach.

An nächster Zäit wäert d'Chamber nach e weidere Projet kréien, wou mer am Beräich vun der Recherche an der Innovatioun e bestehend Gesetz wäerten ëmänneren, ausweiden, nei Instrumenter erabréngen, an datselwecht gëllt fir dat Gesetz, wat all déi Froe behandelt, déi mat Investisementer am Beräich vum Ëmweltschutz a vum Aspuere vun Energie ze dinn hunn, wou mer am décke Klinsch mat der Kommissioun sinn an net virukommen.

Dat ass beispillsweis ee vun de Grënn, firwat dass et esou laang dauert. D'Madame Flesch huet bedauert, dass et esou laang sech higezunn huet. Dir hutt nëmmen de Mäerz 2006 zitéiert. Mä wa mer do eppes gemaach hätten, dann hätte mer eng Notifikatioun misse maachen. Do sinn d'Lignes directrices erauskomm. Mä mir wollte jo keng Notifikatioun maachen. Duerfir huet et gedauert bis den November, wou e Règlement d'exemption komm ass, an du konnte mer eréischt ufänken, dorunner ze schaffen.

Et ass also net esou, wéi wa mer do iergendeppes an d'Längt gezunn hätten, mä mir hunn op dee richtege Moment gewaart an op déi richtig Méiglechkeete gewaart, déi d'Kommissioun eis gëtt.

Iwwregens muss ech lech soen, dass dee Klinsch, dee mer mat der Kommissioun hunn, ëmmer méi grouss gëtt an ech d'lescht Kéier an engem Energierot gesot hunn, dass et absolutement net méi akzeptabel ass, wat der Madame Kroes hir Leit do maachen.

Mir gi forcéiert, an den erneierbaren Energien Efforten ze maachen. Dat ass jo och gutt esou. Mä da kann awer net op där anerer Säit een do sinn, dee seet: Ah neen, dat do sinn Hëllef!

Dräi Joer si mir amgaang ze verhandelen iwwer eise Fonds de compensation. Dräi Joer! A mir hunn nach ëmmer keng Äntwert. Ech weess mëttlerweil firwat: Et gëtt eng Jurisprudenz, déi hinnen net passt: d'Preußen AG...

(Interruption)

Jo, déi passt hinnen net. Si hunn eng Victime gesicht an hu sech eis erausgesicht...

(Interruption)

Neen, dat ass honnertprozenteg esou, mëttlerweil weess ech et. Si probéieren eis kinzezéien, fir eis erëm viru Geriicht ze hinnen. Si hunn iergendee gebraucht an huelen eise Fonds de compensation.

(Interruption)

Jo, a si hätte gär eng nei Jurisprudenz doranner. An domat klappe mir eis elo dräi Joer erëm - dräi Joer! -, well dee Fonds de compensation ass an där Form iwwerhaupt net ofgeséichert. Deen ass iwwerhaupt net ofgeséichert!

Dat heescht, dat ka muer op d'Kopp gepucht ginn. Wat ech wirklech verréckt géif fannen.

Mir kréie gesot: Macht Fit-in! Mécht ee Fit-in, stelle se Froen. Mir ginn Äntwerten, mir ginn op si an, mä wann s du mierks, dass et kee Sënn huet, dass se am Fong geholl just drop aus sinn, eng nei Jurisprudenz ze kréien, da kritt een d'Flemm.

Ech muss soen, heiansdo gëtt hei vun der Regierung gesot, mir hätten net ëmmer déiselwecht Meinung. De Premier huet lech jo d'lescht an e puer Punkte gewisen, dass dat net de Fall war. Mä ech muss lech soen, an der Europäescher Kommissioun, wat en total kollegiaalt Gremium soll sinn, do si se meilwäit ausenaner, an dat mécht eis dee grouse Problem. Mat dem Här Piebalgs si mer eis eens, wat mir solle maachen, an d'Madame Kroes hannendru mécht alles, fir dass et net dozou kënnt. Dat zu deem doten Thema.

An nächster Zäit wäert Der dann och nach de Plan sectoriel zur Diskussioun kréien. Dat dauert awer nach eng Zäitchen.

Schlussendlech, mir hunn d'Chambre des Métiers, vu dass dat gefrot gi war, net gefrot, fir ebe just net de Classes moyennes

op d'Féiss ze trëppelen. Mir hu genau délimitéiert, wou eis Kompetenz sinn. Duerfir hu mir och genau gekuckt, wien dofir zoustänneg ass, an dat ass d'Chambre de Commerce an net d'Chambre des Métiers.

Ech hunn allerdéngs menge Kolleege gesot, si sollen an Zukunft d'Chambre des Métiers och froen, mä u sech bräichte mer et net, well et reng geménzt ass op Betriber, déi eppes mat der Chambre de Commerce ze dinn hunn, an net mat der Chambre des Métiers. Ech hunn awer kee Problem, dass mer dat an Zukunft maachen.

Wat d'Reglementer ubelaangt, do sinn der zwee an Ausaarbechtung, deen een iwwert d'Kompositioun vun der Kommissioun an deen aneren iwwert de Champ d'application, wou mer notamment probéieren, déi Terminologie „influence motrice pour notre économie“ e bësse méi genau ze definéieren.

Fir de Rescht soen ech lech Merci, dass Der op breeder Basis probéiert hutt, d'Regierung hei ze ënnerstëtzen.

Här Henckes, Dir schéngt nach eng Fro ze hunn.

» M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Här President, ech wollt just nach eng Kéier zrëckkommen op d'Fro, déi ech gestallt hat. Et sinn am Gesetz verschidde Règlements grand-ducaux virgesinn, do steet dran, datt d'Regierung déi kann huelen, fir d'Demanden ze preziséieren.

Ass esou eppes virgesinn oder ass d'Gesetz direkt applikabel?

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- D'Gesetz ass applikabel, d'Kommissioun beréit eis. E Règlement grand-ducal ass an Ausaarbechtung a wäert a kuerzer Zäit fäerdeg sinn. Ech kucke meng Leit douewen, fir gewuer ze ginn, wéini et fäerdeg ass. Also, et sinn zwee Stéck, déi an Ausaarbechtung sinn an déi och elo sous peu applikabel wäerte sinn.

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Ech danken lech, Här President.

» M. le Président.- Léif Kolleege, da komme mer elo zum Vote vum Projet de loi 5779.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5779 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Den honorabelen Här Gibéryen hat gëschter gefrot, fir d'Questions parlementaires, déi net beäntwert gi waren, ze diskutéieren. An der Zwëschenzäit si se alleguerte schrëftlech beäntwert. Domadder huet dee Punkt sech erleedegt.

» Plusieurs voix.- Ah!

(Interruption)

» M. le Président.- Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass d'Question avec débat vum honorabelen Här Huss iwwert d'Relatiounen tëschent der Organisation Mondiale de la Santé an der Agence Internationale de l'Énergie Atomique. Här Huss, Dir hutt fënnf Minutten Zäit, fir Är Fro virzedroen.

5. Question avec débat N°32 de M. Jean Huss relative aux relations entre l'Organisation Mondiale de la Santé (OMS) et l'Agence Internationale de l'Énergie Atomique (AIEA)

» M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President. Ech hat déi Question avec débat hei gestallt de 24. Abrëll. Et war dat an deenen Deeg, wou sech fir d'22. Kéier d'Katastroph vun Tschernobyl gejäht huet op där enger Säit, an zum Zweeten hat ech se gestallt, well et am Virfeld war vun der 61. Sessioun vun der OMS, der Weltgesondheetsorganisatioun, vum 19. bis de 24. Mee 2008 zu Genf.

Wat deen zweete Punkt ubelaangt, ass dat u sech den Hauptpunkt, well a menge Froe gefrot gi war, awéiwäit d'Lëtzebuurger Regierung - de Gesondheitsminister - géif während der 61. Konferenz vun der Weltgesondheetsorganisatioun intervenéieren, fir d'Onofhängegkeet vun der Weltgesondheetsorganisatioun par rapport zu der Internationaler Atomenergiebehörde erëm eng Kéier hierzustellen.

Op där enger Säit hu mer d'International Atomenergiebehörde, déi dofir do ass - laut hire Statuten -, fir d'Atomenergie ze fördern. Mir wëssen awer och, wat an deene leschte 50 Joer bei där Förderung vun der Atomenergie militäresch, awer och zivil erauskomm ass: fir d'éischt Hiroshima an Nagasaki am militäresche Beräich, mat ongeféier 200.000 Doudeger am Zweete Weltkrich, duerno all déi Atomversich, déi iwwerirdesch gemaach gi sinn. Déi hu besonnesch fir eng Rei vu polyneseschen Inseln, mä och an der Wüst vun Nevada, wou souguer amerikanesch Zaldoten derbäi waren, immens Problemer, Gesondheetsproblemer, Kriibs an esou viru mat sech bruecht.

Duerno ass et, am zivile Beräich, zu deem groussen Accident vun Tschernobyl komm. Wat och ëmmer nees diskutéiert gëtt, wann iwwer radioaktiv Strahlung Rieds geet, besonnesch an deene vergaangene fënnf, zéng Joer, dat ass de Gebrauch vun uranugeräicherter Munition fir d'Tanke vum Gëigner futti respektiv duerchzeschéissen.



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu